ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 14/08/2026

# Rapport vun der Kommissioun vum drëtten Alter

## Sëtzung vum 12 Mäi 2026

## Präsenzen

| Present (Quorum 50% , ≥6) | Net present | Observateuren a Experten |
|---|---|---|
| Pascale BERNA<br>Stefanie BLOCK<br>Yolande EVERAD-GRAFF<br>Sylvie GIERES-DEITZ<br>Carlo KOEPP (Sekretär)<br>Corinne REDING-SCHARLÉ (Presidentin)<br>Seth RUEF<br>Liselotte RUEF-VOGT (Vize-Presidentin)<br>Lydie RUPPERT<br>Suzanne WEIS-COLLÉ<br>Sandy WIRTZ | | |

## Dagesuerdnung

*Déi follgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un (3e.age@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem d'Memberen Schäfferot, ugepasst*

1. Begréissung, Presenzeléscht
2. Rapport vum 17. Mäerz
3. Demanden a Retouren vun der Gemeng
4. Seniorenfeier
5. E puer Andréck vun eisem flotten Kinoler Mëtteg
6. Kaffistuff
7. Divers

Helperknapp, 14/08/2026

## Punkt 1 : Begréissung, Presenzeléscht

D’ Memberen waren al präsent!

## Punkt 2 : Rapport vum 17. Mäerz

De Rapport gouf unanime approuvéiert!

## Punkt 3: Demanden a Retouren vun der Gemeng

Mir kruten ee Retour vum Schäfferot zu eiser Propose fir de Kaddo vun der Seniorenfeier. Den detailléierte Feedback steet am nächsten Punkt.

## Punkt 4 : Seniorenfeier am Dezember

Mir probéieren ëmmer, eppes Lokales an Originelles als Kaddo fir d'Seniorenfeier ze fannen. Fir dës Editioun hu mir virgeschloen, **Hunneg aus dem Duerf** als Kaddo ze huelen.

De Schäfferot begréisst d’Iddi, weist awer drop hin, datt et vill Imker an der Gemeng gëtt an datt een kee soll favoriséieren. Dofir hunn si eis gebieden, eng Alternativ ze sichen.

Eis éischt Meenung: Et géif sech awer ubidden,

- Offeren bei allen Imker unzefroen, fir eng fair a transparent Entscheedung ze treffen.
- Eng aner Optioun wier, d’Quantitéiten opzedeelen, sou datt all Imker e bestëmmten Undeel bäidroe kann.

Fir dës Sëtzung ass eis nach keng Alternativ agefall, mee mir denken awer weider driwwer no. Et sief dann, de Schäfferot fënnt eng vun eisen zwou Suggestiounen akzeptabel!

Weiderhin freet d’ Gemeng eng Offer bei Dancing Sound un.

Den Datum vum 6 Dezember halen si awer gäre bäi, well en aus Käschtegrënn un eng aner Organisatioun gebonnen ass.

## Punkt 5: E puer Andréck vun eisem flotten Kinoler Mětteg

Vill Leit haten sech des kéier fir de Kinoler Mëtteg ugemellt, an déi meescht sinn och matgaang an hu gären vum Bustransport profitéiert.

De Film „Extrawurst", dee gewise gouf, ass rezent an erzielt op eng amüsant Aart a Weis, wéi eis Gesellschaft funktionéiert, an wéi séier kleng Situatiounen zu groussen Diskussioune féiere kënnen. Et gouf gutt gelaacht!

Nom Film souzen mir nach laang a gemittlech bei Kaffi a Kuch am Kinoler Bistro zesummen. De Bistro gëtt komplett vu Benevollen bedriwwen, an dofir sote mir hinnen, a soen och der Gemeng, villmools Merci fir dëse schéine Moment.

## Punkt 5: Eis nächst Konferenz

Mir wëlle erëm eng Konferenz fir d'Senioren organiséieren, a si momentan op der Sich no engem passenden Thema**.**

Zwou Méiglechkeeten goufen ugeschwat:

- Informatiounen zur **Patienteverfügung** an **Mäi Wëllen, Mäi Wee** (eng gemengnëtzeg Organisatioun).
- **SIMPA** (vum Seth proposéiert), e nationalen Service fir Informatioun an Mediatioun am Déngschtleeschtungsberäich fir eeler Persounen.

Dës Kéier wëlle mir eng **qualitativ gutt Konferenz** ubidden. Zur Virbereedung huele mir dofir fir d'éischt Kontakt mat deenen zwee Servicer op a lueden si an, fir an enger vun eisen nächsten Sëtzungen e konstruktiven Austausch mat hinnen ze féieren.

D' Pascale schafft jo am Familljeministère, an huet sech dofir ugebueden fir SIMPA ze kontaktéieren.

## Punkt 6 : Kaffistuff

Déi nächst Kaffistuff ass den 19 Mäi. D' Corinne këmmert sech ëm d' Bestellung vum Gedrénks a e puer Taarten, an d' Pascale besuergt kléng Kaddoen fir d' Bingo Spill. Mir wëllen och alkoholfräie Béier virgesinn. Sandy huet matgedeelt dat et eng fonkelnei Kaffismaschinn huet, déi hat gären ersatzweis matbréngen kann.

## Punkt 7 : Divers, awer net onwichteg

Et geet ëm de **Sall**, deen d'Gemeng eis fir d'Kaffisstuff an eis Sëtzungen zur Verfügung stellt. Et ass schonn e puer Mol opgefall, datt **d'Dier net zougespaart war** oder esouguer **ganz opstoung** – déi leschte Kéier den **30. Abrëll**.

Mir beusprochen natierlech dëse Sall net fir eis eleng, mee mir hunn e gemitterlech ageriicht an dekoréiert, och mat perséinlechen Saachen. Dofir wënsche mir eis, datt dat respektéiert gëtt an de Sall net eng Kéier **dem Vandalismus** zum Affer fält.

## Nächst Versammlung: 7 Juli um 18 Auer

Fir déi nächst Dagesuerdnung kann een déi follgend Punkten scho vermierken:

- Validatioun Rapport
- Retouren, Demanden aus dem Gemengerot
- Seniorenfeier, Auswiel Kaddo
- Bilan Ausfluch Marie-Astrid
- Nächst Konferenz
- Divers

---

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (Laetitia.Strotz@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.